CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
12 AVR. 2019

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 12 avril 2019

Objet : Question parlementaire n° 542 du 22 mars 2019 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

François BAUSCH

Adresse bureaux
19-21, bvd Royal
L-2449 Luxembourg

Adresse postale
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

secretariat@msi.etat.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure François BAUSCH à la question parlementaire n° 542 du 22 mars 2019 de l'honorable Député Sven CLEMENT

Ad Fro 1:

De Begréff « Cyberkriminalitéit » kënnt am lëtzebuerger Code Pénal net vir. De Code Pénal kennt awer eng Rei Strofdoten, déi sech op Attacken op IT-Systemer bezéien. Bei villen anere Strofdote ginn informatesch Systemer benotzt, haaptsächlech fir de Kontakt Täter-Affer opzebauen. An enger zweeter Phase kënnt et dann zu der geplangter Strofdot, woubäi et sech oft ëm verschidden Typen vun Escroquerien handelt. En aneren Beräich, an dem *d'Information and communication technocolgy ("ICT")* eng grouss Roll spillt, sinn d'Pedopornographie, de Grooming, Erpressungen etc. an de ganzen Domaine vun illegalen Aktivitéiten am Darknet.

Matt der Reform vun der Police an der Reorganisatioun vum Service de Police Judiciaire, gouf och eng Sektioun mam Numm "Cybercriminalité" agefouert. Déi enquêtéiert a Fäll, wou et ouni de Gebrauch vun ICT Systemer net zur Ausféierung vun enger Strofdot hätt kënne kommen. Am Joer 2018 sin 80 nei Dossieren an déi Sektioun erakomm, 95 waren an der Enquête an 16 konnten mat engem positive Resultat ofgeschloss ginn. Déi Zifferen decken awer nëmmen e Brochdeel vun deenen Typen vu Strofdoten of, well d'Statistiken sech op d'Natur vun den Strofdoten bezéien an net op d'Mëttel, déi agesat ginn, fir d'Strofdoten auszeféieren.

Ad Fro 2:

D'Police ass sech bewosst, dat d'Kriminalitéit an der virtueller Welt sech weiderentwéckelt a rekrutéiert kontinuéierlech Spezialisten op dem Gebitt vun der ICT.

Ad Fro 3:

Generell kann all Bierger all Police-Unitéit seng Kenntnisser matdeelen, wann de Verdacht besteet, dat et sech em Strofdoten handelt. Am dësem präzise Beräich ass d'Police net den eenzegen Acteur.

An enker Zesummenaarbecht hu BEE SECURE (Service national de la jeunesse, Kanner-Jugend Telefon), d'CNPD a SECURITYMADEIN.LU de Projet SPAMBEE entwéckelt, deen de Biergerinnen a Bierger et erméiglecht fir ganz einfach (an engem "Klick"), SPAM, Phishing oder aner onerwënschten an eventuell schiedlech E-Mailen ze mellen. Dëst a Form vun engem "Plug-in" fir all gängege Browser (Firefox, Chrome, Edge, etc.) an Email Clienten (Outlook, Thunderbird, Gmail, etc.), esou wéi als App (iOS, Android).

D'Meldunge ginn iwwert en automatiséierte System analyséiert, sou dass de Benotzer direkt Bescheed gesot kritt op et sech effektiv em eng schiedlech Email handelt. De "Plug-in" schützt den Notzer, esou wéi all déi aner Notzer, ganz automatesch viru geféierlechen Internetsäiten. Wann een op esou eng Säit geet, da kennzeechent de "Plug-In", datt et sech em eng kënnesch Phishing Säit handelt.

De Projet baut op e staarke Schutz vun der Privatsphär op a setzt d'Konzepter vu "privacy by design and by default" integral ëm. Eenzeg, anonym an technesch relevant Informatioune fléissen an eng gemeinsam Plattform, déi vu SECURITYMADEIN.LU sènger interner "Internetpompjee's" Equipe : CIRCL, genotzt gëtt fir déi Attacken nohalteg ze stoppen.

SPAMBEE geet nach virum Summer 2019 online.

Ad Fro 4:

Um Internet-Site vun der Police sinn d'Präventiounsvideoen zum Thema Strofdoten am Netz a franséischer a lëtzebuergescher Sprooch publizéiert.